Dezember 2025
Koplescht - Briddel

N°61

# KoBri
Magazine



🇫🇷 disponible en français sur **www.kopstal.lu**

Koplescht
Briddel



## IMPRESSUM

**EDITIOUN:** Administration communale de Kopstal
**KOORDINATIOUN A MISE EN PAGE:**
Service de communication et des relations publiques
brain&more - agence en communication
**FOTOE VUN DE COUVERTUREN:** Olivier Pirotte
Dëse Magazine gëtt an 1.800 Exemplaren op recycléiertem Pabeier gedréckt

# SOMMAIRE

Le KoBri Magazine est également disponible en langue française sur le site **www.kopstal.lu**


VIRWUERT

Thierry Schuman, Buergermeeschter 4

NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Nei Maison Relais fir d'Gemeng Koplescht 7

Meet your locals – Laura Da Silva 10

Thematesch Zertifizéierung „Upassung un de Klimawandel" 13

Ressourcë kënne cool sinn – ecofluent weist, wéi et geet 16

NATUR & TOURISMUS

Wanterfidderung 18

En neit Doheem fir eis Duerfvillecher 20

Bëschaarbechten am Wanter 22

AKTIVITÉITEN & KULTUR

Presentatioun Aikido Koplescht-Briddel 24

Joresbericht Motoclub Kopstal 26

Ausfluch op Maastricht 28

Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen – Oktober bis November 2025 30

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN 43


## LETTRE À LA RÉDACTION*

Wann Dir zum Contenu vum KoBri Magazine wëllt bäidroen, kënnt Dir gären Äre Sujet / Ären Artikel dem Kommunikatiounsservice schécken.

Si vous désirez contribuer au contenu du KoBri Magazine, nous vous invitons à soumettre votre sujet / article au service de communication.

If you wish to contribute to the content of KoBri Magazine, we invite you to submit your topic / article to the communications department.

**communication@kopstal.lu**

* De Kommunikatiounsservice erlaabt sech, d'Selektioun vun den Artikelen ze maachen déi publizéiert ginn. • Le service de communication se réserve le droit de sélectionner les articles qui seront publiés. • The communication department reserves the right to select the articles to be published.

# VIRWUERT

## Thierry Schuman, Buergermeeschter

Foto: Max Staus

Léif Awunnerinnen an Awunner,

Chrëschtdag steet virun der Dier, an d'Joer 2025 geet op en Enn. Et war fir ons Gemeng, e Joer mat vill Aktivitéiten, sief et kulturell, sozial oder och nach sportlech - ech erënneren hei just un den Opstig vun onsem Fussballsclub FC Kopstal 33 an déi éischt Divisioun. Och ons verschidde Bauprojete si viru gaangen: déi nei Maison-Relais geet uganks 2026 op, a bitt bis zu 450 Kanner Plaz. De Briddeler Kierfecht gëtt 2026 och fäerdeg. Den Hall Technique an der rue des Champs ass am Bau, an den ale Pompjeesbau (Al Schoul) zu Koplescht ass amgaange sanéiert ze ginn - e soll duerno de Veräiner zur Verfügung stoen. De Chantier vun der neier Schoul wäert 2026 lass goen - genee esou wéi déi 8 Sozialwunnengen um Gewännchen an den Ëmbau vun der rue Wercollier, fir der nëmmen e puer ze nennen.

All Projet, dee realiséiert gëtt, ass engersäits d'Resultat vun enger laanger Planung. Anerersäits ass et och eng Hoffnung - eng Hoffnung op "besser": onse Kanner e bessert Ëmfeld fir déi formell an informell Educatioun offréieren. Onse Veräiner besser Aarbechtskonditioune bidden. E Service Technique, dee besser am Interessi vun onsen Awunner schaffe kann. Den Awunner eng besser Liewensqualitéit garantéieren.

An deem Sënn schaffen de Schäffen-a Gemengerot, zesumme mam ganze Personal vun der Gemeng, och konstant u mi klenge Verbesserunge, déi - esou hoffe mir - onsen Awunner d'Liewen an onser Gemeng méi agreabel a flott mécht. Duerfir baue mir reegelméisseg zum Beispill d'Offer vun onser Conciergerie aus. 2026 wäerten och (endlech!) ons Epicerie um Briddel, an d'Automaten zu Koplescht opgoen. Ons nei elektronesch Reidere solle fir eng besser Kommunikatioun an Informatioun suergen.

Jidderee vun ons huet och 2025 seng eege Geschicht. Fir déi eng war et e gutt Joer, fir anerer awer vläicht manner. U si sollte mir besonnescht an dësen Deeg denken. Freed a Leed léise sech am Liewen of - an d'Hoffnung op „besser“ dreift ons virun.

An deem Sënn wënschen ech Iech - och am Numm vu menge Kolleegen aus dem Schäffen - a Gemengerot, deenen ech fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht MERCI soen - besënnlech a schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer!

Thierry Schuman, Buergermeeschter



Chères habitantes, chers habitants,

Noël approche et l'année 2025 touche à sa fin. Ce fut, pour notre commune, une année riche en activités — qu'elles soient culturelles, sociales ou sportives. Je pense notamment à la montée de notre club de football, le FC Kopstal 33, en première division.

Nos différents projets de construction ont également bien avancé: la nouvelle Maison Relais ouvrira ses portes début 2026 et pourra accueillir jusqu'à 450 enfants. Le cimetière de Bridel sera également achevé en 2026. Le Hall Technique de la rue des Champs est en construction, et l'ancien bâtiment des pompiers (« Al Schoul ») à Kopstal est en cours de rénovation — il sera ensuite mis à disposition des associations. Le chantier de la nouvelle école débutera en 2026, tout comme la réalisation des 8 logements sociaux au Gewännchen et la transformation de la rue Wercollier, pour n'en citer que quelques-uns.

Chaque projet réalisé est d'une part le résultat d'une longue phase de planification, mais aussi l'expression d'un espoir — l'espoir d'un « mieux » : offrir à nos enfants un meilleur environnement pour l'éducation formelle et informelle ; offrir de meilleures conditions de travail à nos associations ; permettre à notre Service Technique de travailler plus efficacement dans l'intérêt des habitants ; garantir à la population une meilleure qualité de vie.

Dans cet esprit, le Collège des bourgmestre et échevins, ensemble avec l'ensemble du personnel communal, travaille continuellement pour atteindre de petites améliorations qui — nous l'espérons — rendent la vie dans notre commune plus agréable et plus belle. C'est la raison pour laquelle nous élargissons régulièrement, par exemple, les services de notre Conciergerie. En 2026, notre épicerie au Bridel et les distributeurs automatiques à Kopstal ouvriront enfin leurs portes. Nos nouveaux panneaux d'affichage électroniques permettront d'améliorer la communication et l'information.

Chacun d'entre nous a également vécu sa propre histoire en 2025. Pour certains, ce fut une bonne année, pour d'autres peut-être moins. Durant ces jours de fête, nous devrions penser tout particulièrement à celles et ceux pour qui l'année fut plus difficile. Joie et peine se succèdent dans la vie — et l'espoir d'un « mieux » est ce qui nous pousse à avancer.

C'est dans cet esprit que je vous souhaite — également au nom de mes collègues du Collège échevinal et du Conseil communal, que je remercie pour leur collaboration constructive — de belles et paisibles fêtes de fin d'année, ainsi qu'un bon passage vers la nouvelle année !

Thierry Schuman, Bourgmestre

Dear residents,

Christmas is just around the corner, and the year 2025 is coming to an end. It has been, for our municipality, a year full of activities — on a cultural, social, and sporting level. I am thinking in particular of the promotion of our football club, FC Kopstal 33, to the first division.

Our various construction projects have also progressed well: the new "Maison Relais" will open at the beginning of 2026 and will offer space for up to 450 children. The Bridel cemetery will also be completed in 2026. The Technical Hall on Rue des Champs is under construction, and the old fire brigade building ("Al Schoul") in Kopstal is currently being renovated — it will later be made available to local associations. The construction of the new school will begin in 2026, as will the project of 8 social housing units in Gewännchen and the redevelopment of Rue Wercollier, to name just a few.

Every project that is carried out is, on the one hand, the result of long-term planning, and on the other hand, an expression of hope — the hope for something "better": offering our children a better environment for formal and informal education; providing better working conditions for our associations; enabling our Technical Service to work more efficiently in the interest of our residents; guaranteeing a better quality of life for the population.

With this in mind, the Mayor's and Aldermen's Board, together with the entire municipal staff, continuously works on small improvements which — we hope — make life in our municipality more pleasant and enjoyable. This is why we regularly expand the services of our Conciergerie, for example. In 2026, our grocery store in Bridel and the vending machines in Kopstal will finally open. Our new electronic notice boards are intended to improve communication and information.

Everyone has lived their own personal story in 2025. For some, it was a good year; for others, perhaps less so. During these festive days, we should think especially of those for whom the year has been more difficult. Joy and sorrow alternate in life — and the hope for "better days" is what keeps us moving forward.

I wish you — also on behalf of my colleagues from the Municipal Board and the Municipal Council, whom I thank for their constructive cooperation — peaceful and joyful holidays, and a Happy New Year!

Thierry Schuman, Mayor

# Nei Maison Relais fir d'Gemeng Koplescht

Fotoen: Polaris Architects



Am Kader vun der Fäerdegstellung vun der neier Maison Relais um Briddel, huet eis d'Architektin vum Projet, d'Carole Schmit vu Polaris Architects, e puer Froen beäntwert.

### Kënnt Dir eis kuerz erklären, wat d'Haaptzil vum Projet vun der neier Maison Relais um Briddel ass?

Di besteeënd Maison Relais gëtt renovéiert an duerch een Neibau, also eng Extensioun déi mam besteeënde Gebai verbonnen ass, vergréissert.

### Firwat war et néideg, déi besteeënd Struktur ze renovéieren an eng nei Annex ze bauen?

D'Extensioun ass néideg well d'Unzuel vun de Kanner an der Gemeng sech drastesch vergréissert huet an sech d'Kapazitéit vun der Infrastruktur muss upassen. Dobäi kennt dat dat besteeënd Gebai virun zirka 20 Joer gebaut gouf, an den aktuellen Ufuerderungen net mi gerecht gëtt. Souwuel um Plang vun de Flächen, wéi um Plang vun den aktuelle Reegelwierker a Standarden.

### Wat sinn déi wichtegst Neierungen oder Verbesserungen am Verglach zur aler Maison Relais?

Ausser der Plaz déi an der aler Maison Relais feelt, gëtt d'Extensioun am Zesummespill mat dem besteeënde Gebai laut de programmateschen Ufuerderunge vum Ministère amenagéiert. Zum Beispill gëtt e Motoriksall ageriicht.

All Sall kritt eng Affektatioun, wéi zum Beispill e Liessall, an deem all Zorte vu Bicher,

Zeitungen, a verschiddene Sproochen, de Kanner zur Verfügung stinn. Et kënnt och eng Zär uewen op den Daach. Do kënnen d'Kanner uplanzen an observéieren, wéi sech d'Planzen entwéckelen. Hannert der Extensioun kënnt fir den éischten Cycle en agefaassten Haff a Form vun engem Gaart, mat naturnoe Spiller déi altersgerecht sinn, an a Relatioun mat hirer direkter Ëmwelt, wéi zum Beispill e Buerbeswee oder e Weedentunnel.

## Wéi fügt sech déi nei Maison Relais an de Schoul- a Sportscampus um Briddel an?

De Briddel huet en eemoleche Kader fir seng edukativ a sportlech Infrastrukturen. De Campus ass literal aus dem Bësch iwwert d'Joren organesch rausgewuess, an d'Gemeng huet elo decidéiert dem Ganzen seng Identitéit ze verstäerken, an deem all d'Infrastrukturen an e Plang integréiert ginn, dee vun engem Landschaftsplaner ausgeschafft gëtt, am Sënn vun engem nohalteg konsequent begréngte foussgängerfrëndleche Campus.

Iwwert eng aktiv Kollaboratioun mam Landschaftplaner an der Gemeng, integréiert sech d'Extensioun vun der Maison Relais an dëse Plang duerch seng pavillonaarteg Form an inspiréiert sech architektonesch u Baute mat enger eenzegaarteger Expressioun déi typescherweis a Parkanlage passen. D'Extensioun dialogéiert duerch seng verschidde Facettë mat sengem direkten Ëmfeld. De recycléierten Zénk op der Façade ass soumat eng kontextuell Äntwert op di besteeënd modernistesch Architektur um Campus, wéi zum Beispill de Kofferdaach vun der denkmalgeschützter Kierch, déi 1968 vum Architekt René Schmit



gezeechent gouf, ma och déi mi rezent Bauten, wéi d‘ Aluminiumsverkleedung vun der besteeënder Maison Relais, an zulescht d’Stole Fassad vun der Sportshal.

## De Projet sëtzt op nohalteg an ekologesch Léisungen – wéi eng konkret Beispiller ginn et dofir?

D’Struktur vun der Extensioun ass komposit, a setzt sech zesummen aus Bëton an Holz. Dëst Zesummespill zielt op eng Optimiséierung hinn, tëscht der gewënschter Inertie vun engem Massivbau aus Bëton, an dem Holz deen den $CO_2$ späichert. Den Zénk ass aus recrutéiertem Zénk gewonne ginn. De Gummi an dat villt Holz wat bannen a bausse verschafft gouf, si natierlech Materialien. De Silikatustrach ass ekologesch, beinhalt keng organesch volatil Stoffer an ass speziell recommandéiert fir Allergiker.

Den Amenagement ass esou flexibel wéi méiglech ausgeleucht, sou dat d’Maison Relais sech all Joer programmatesch upasse kann. D’Technik gouf zum groussen Deel opbotz installéiert, fir den Entretien z’erliichteren a se ëmmer rëm nees ouni ze vill Opwand dem leschte Stand unzepassen. D’Materialien an d‘Technologië goufe rausgesicht fir esou nohalteg a gesond wéi méiglech ze sinn, sou dat d’Loftqualitéit, d‘Akustik an d‘Luucht optimal sinn.

## Wéi vill Kanner wäert d’Maison Relais kënnen empfänken, a wéi goufen d’Raimlechkeeten dorop ausgeriicht?

Déi aktuell Unzuel vun 255 Kanner gëtt op 450 Kanner erhéicht. 22 Aktivitéitssäll a 5 Iesssäll, respektiv Léiersäll stinn de Kanner an der Maison Relais zur Verfügung fir sech themenbezunn ze beschäftegen. Di meescht Säll sinn ausgeluecht fir sech den Themen am Laf vun der Zäit unzepassen. E puer Säll si mat fixen Installatiounen equipéiert, wéi zum Beispill ee Sall, dee sech fir kleng Inzenéierungen eegent, mat enger klenger Bün an engem Rideau.

All Stack huet seng Faarf, sou dat d’Kanner sech zu all Zäit zurechtfannen: de Rez-de-chaussée ass an de gréngen Téin, den 1. Stack an de rouden an den 2. Stack an de bloen Téin. D’Signalisatioun steet och a Verbindung mat dëser Kompositioun. Op all Dier vun all Aktivitéitssall ass jeeweils een Déier oder eng Planz ofgebillt, mat dem lëtzebuergeschen Numm gekennzeechent, deen d’Kanner am direkten Ëmfeld kënnen observéieren, wéi zum Beispill d‘Däreldéier um Rez-de-chaussée, de Käschtebam um 1. Stack, d’Wollek um 2. Stack an d’Sonn um 3. Stack. D’Kanner kréie soumat intuitiv Zougang zu der raimlecher Verdeelung vun dëse liewegen Elementer an hirer Ëmwelt.

## Wéi eng Etappe stinn nach un, a wéini gëtt mat der Fäerdegstellung gerechent?

D’Aarbechte vun der Extensioun lafen op Héichtouren a gi bis Enn vun dësem Joer ofgeschloss. Duerno geet et weider mat de Renovatiounsaarbechte bis d’Enn vum nächste Joer.

# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Meet your locals – Laura Da Silva

Fotoen: Laura Da Silva

D'Zil vun der neier Kampagne „Meet your locals" ass et de Biergerinnen a Bierger d'Gesiichter déi se reegelméisseg an der Gemeng gesinn en Numm ze ginn an och déi verschidde Leit an hir Aarbecht ze valoriséieren.



### 1. Stellt Iech kuerz vir

Ech heesche Laura Da Silva, Grënnerin vu BE…by la Chauve Sourit – BE…by Laura, eng Plaz déi sech der Rekonstruktioun, dem Selbstvertrauen an dem allgemenge Wuelbefanne verschriwwen huet. Ech sinn zënter méi wéi 30 Joer Infirmière an der Onkologie – an och selwer eng fréier Kriibspatientin – an hunn decidéiert, meng mënschlech a professionell Erfarung deene Mënschen ze schenken, déi eng schwéier oder fragil Liewensphas duerchmaachen.

Haut verbannen ech Fleeg, Begleedung a Schéinheet duerch paramedezinesch Tattooen, Liewenscoaching an Image-Coaching. Meng Approche ass déif mënschlech, empathesch a respektvoll, no mengem Motto: „BE…YOURSELF AND REGAIN YOUR SELF-ESTEEM."

### 2. Wéi war Äre Parcours a wéi sidd Dir zu dëser Spezialisatioun komm?

Mäi Parcours huet sech ëmmer drëms gedréint sech ëm anerer ze këmmeren. Als Onkologie-Infirmière hunn ech vill Leit a Momenter vu grousser Verletzlechkeet begleet. Dës Erfarung huet mir gewisen, wéi staark d'Selbstbild d'Liewensqualitéit, d'Kraaft an d'Selbstvertraue beaflosst.

Gläichzäiteg war ech ëmmer passionéiert vu Moud, Ästhetik a Wuelbefannen. D'Gesondheet an déi ästhetesch Rekonstruktioun ze verbannen, war also eng logesch Konsequenz. Sou ass BE…by la Chauve Sourit – BE…by Laura entstanen – e Raum fir ganzheetlech Rekonstruktioun vum Kierper, vum Häerz a vum Geescht.

Ech hu mech am Beräich vun de paramedezineschen Tattooe spezialiséiert, beson-

nesch an der 3D-Rekonstruktioun vun der Broschtwaarz. Wéi ech dacks soen: „Den Tattoo hëlleft, sech nees mam eegene Kierper ze versönen … e realisteschen 3D-Tattoo, deen un all Persoun ugepasst ass.“

Fir meng Clienten um ganze Wee ze begleeden, hunn ech mech och am Liewens- a Image-Coaching weidergebilt, fir hinnen ze hëllefen, hir Harmonie, hiert Gläichgewiicht a hiert Selbstvertrauen zréckzefannen.

Ech hat d'Éier, op enger weltwäiter Competitioun deelzehuelen – eng international Erfarung, déi mir gehollef huet, meng Technike weider ze perfektionéieren.

### 3. Wéi en emotionalen a psychologeschen Impakt hunn Är Begleedungen?

Den Impakt ass dacks emotional. En medezineschen Tattoo ass net just e kosmeteschen Akt, mee e Prozess vun Unerkennung a Versönung mat sech selwer.

Fir vill Fraen ass et déi lescht Etapp vun engem laange medezinesche Parcours, mee virun allem den Ufank vun engem neie Liewenskapitel, wou d'Selbstbild an d'Würd zréckgewonne ginn.

Sengem eegene Spigelbild nees kënnen an d'Aen ze kucken, sech ganz a friddlech ze spieren, ass e fundamentale Schrëtt fir d'Liewensqualitéit a bannescht Gläichgewiicht.



De Coaching – egal ob fir d'Liewen oder d'Bild – wierkt wéi en Revealer, deen hëlleft, déi bannenzeg Kraaft an d'eegen Identitéit erëmzefannen. Dës Momenter vu Verännerung si staark a beandrockend – a genee dat ass, wat ech un mengem Beruff esou gär hunn.

### 4. Wat sinn déi gréissten Erausfuerderunge bei Ärer Aarbecht?

De paramedezineschen Tattoo erfuerdert technesch Präzisioun an eng déif mënschlech Sensibilitéit. All Haut, all Narb, all Geschicht ass eenzegaarteg a verlaangt eng opmierksam a personaliséiert Approche.

Emotional gesinn, muss een d'Liewe vu resilienten a staarke Persoune kënnen nolauschteren an hinnen e séchert, rouegt an empathescht Ëmfeld ubidden. Dobäi kommen och déi administrativ a gesetzlech Ufuerderungen, déi fir e professionell. ethesch a sécher Aarbechte wichteg sinn.

Mee wéi ech ëmmer soen: „E klengen Detail kann e Liewen änneren“. Dëse Usaz guidéiert all meng Schrëtt.

### 5. Wat sinn Är Zukunftsprojete fir BE…by la Chauve Sourit – BE…by Laura?

Ech wëll BE…by la Chauve Sourit – BE…by Laura weider als eng Plaz vun Opbau, Gläichgewiicht a Wuelbefannen entwéckelen.

Meng Projeten ëmfaassen:

- D'Organisatioun vu Kollektivatelieren iwwert Selbstbild an den Opbau vum Selbstvertrauen;
- D'Stäerkung vun Zesummenaarbechte mam medezineschen an associative Secteur (ech schaffen z.B. mat Europa Donna Luxembourg a sinn och op der Lëscht vun der Fondation Cancer fir spezialiséiert Tätowéierer);
- D'Entwécklung vun artistesche Kooperatiounen duerch L'AURA ART, wou Konscht, Kreativitéit a Resilienz zesummefléissen;

- Weiderbildung an international Participatiounen, fir ëmmer um neiste Stand vun den innovatiivste Methoden ze bleiwen:
- D'Verstäerkung vun der Online-Präsenz mat informativen, inspiréierenden an authentesche Contenuen.

Mäin Zil ass kloer: All Mënsch, dee bei BE…by la Chauve Sourit – BE… by Laura erakënnt, soll méi staark, méi zouversiichtlech a friddlech mat senger Geschicht erausgoen.

### 6. Wat fir e Rot géift Dir engem Mënsch ginn, deen eng schwéier Zäit duerchmécht a sech net traut, dëse Schrëtt ze maachen?

Ech géif soen: Traut Iech, dee klenge Schrëtt ze maachen. D'Verännerung fänkt dacks dann un, wann ee sech selwer e bëssen Zäertlechkeet an Opmierksamkeet schenkt.

De medezineschen Tattoo an de Coaching si keng einfach ästhetesch Schrëtt – et si Gestë vun Heelen a Versönung mat sech selwer.

Si erlaben et, d'Kontroll iwwert säi Kierper, säi Selbstbild a seng Geschicht zréckzehuelen – a se a Kraaft ëmzewandelen.

Näischt ass méi schéin, wéi eng Fra ze gesinn, déi sech nees opriicht, sech ulaacht a seet: „Dat sinn ech. Ech si stolz op déi Persoun, déi ech gi sinn. Ech si an Harmonie mat mengem Kierper a menger Geschicht."

Vous avez également une histoire intéressante à partager ou un service que vous aimeriez présenter ? N'hésitez pas à nous contacter via mail à communication@kopstal.lu.

Laura Da Silva
BE… by la chauve sourit



### Kontakt

**BE…by la Chauve Sourit – BE…by Laura**

https://www.bebylaura.lu
contact@bebylaura.lu
+352 621 239 098

# Thematesch Zertifizéierung „Upassung un de Klimawandel“: En engagéiert Konzept fir eng resilient Zukunft an der Gemeng Koplescht




De Klimawandel ass och bei eis ëmmer méi spierbar, mat Wiederextremer, wéi beispillsweis d'Héichwaasser vum 29. Abrëll 2018, déi méi heefeg an intensiv ginn. Dofir huet d'Gemeng Koplescht sech fir eng ambitiéis a gutt strukturéiert Klimastrategie engagéiert, déi drop ausgeriicht ass, d'Risiken ze reduzéieren an d'Gemeinschaft op zukünfteg Erausfuerderunge virzebereeden. D'Zertifizéierung „Upassung un de Klimawandel“ ass dobäi ee wichtege Schrëtt. Niewent Esch, ass d'Gemeng Koplescht déi éischt Gemeng, déi esou eng Zertifizéierung am Kader vum Klimapakt erreecht huet.

Fir Koplescht ass dës Zertifizéierung net nëmmen e Label, mee virun allem d'Bestätegung, datt d'Gemeng eng kohärent, participativ an nohalteg Strategie fir d'Zukunft ausgeschafft huet, déi d'Liewensqualitéit, d'Natur an d'Infrastrukture schützt.

## Klimawandel – an eng néideg Äntwert

D'klimatesch Entwécklungen an de leschte Joren si kloer ze erkennen: d'Temperaturen am Summer klammen, et gëtt méi extrem Hëtztdeeg, d'Nidderschléi ginn onsymmetresch a méi hefteg, Wiederextremer wéi Stuerm, Iwwerschwemmungen oder Schied duerch Erosiounen trieden ëmmer méi dacks op. An dësem Kader gouf vun Interalia eng Etude gemaach. Heizou gitt dir méi am KoBri Magazine vun Mäerz op der Säit 12 gewuer.

Dës Entwécklungen hunn en direkten Afloss op d'Gemeng Koplescht, hir Naturraim, Infrastrukturen an op d'Awunner. Dat kommunaalt Adaptatiounskonzept identifizéiert d'Haaptrisiken:

- Impakter op d'Gesondheet vu vulnerabel Persounen,
- Erosioun a Buedemverloscht,
- Méi héije Risiko fir lokal Iwwerschwemmungen,
- Mangel u Waasserressourcen,
- Verloscht vu Biodiversitéit.

D'Zertifizéierung garantéiert, datt dës Realitéite professionell analyséiert a mat konkrete Moossnamen um Terrain vun der Gemeng Koplescht entgéint gewierkt gëtt.

## Eng participativ Approche

Déi thematesch Zertifizéierung baut op enger staarker lokaler Zesummenaarbecht op. Vill Acteure sinn an de Prozess agebonne ginn: Schäfferot a Gemengerot, administrativ Servicer, Berodungskommissiounen, Klimapakt Beroder, SIDERO, SEBES, Syndicat des eaux du centre, CGDIS, Meteo Briddel, Sicona Ouest, SITKB, CIGL, landwirtschaftlech Vertrieder, an och Awunner a vulnerabel Persounen.

Dës breet Zesummesetzung garantéiert eng ganzheetlech a kohärent Strategie, déi sech un de lokale Besoinen orientéiert.

## 5 Prioritéitsberäicher fir d'Upassung un de Klimawandel

Eng Zertifizéierung verlaangt eng ëmfaassend Strategie: Koplescht huet seng prioritär Ziler a fënnef Beräicher definéiert: Infrastrukturen, Krisen- a Katastropheschutz, Ökosystemer a Biodiversitéit, Urban Raim an Hydrologesche System a Waasserwirtschaft.

**1. Infrastrukturen**

- Schutz a Klimaadaptatioun vun de wichtegste kommunalen Infrastrukturen
- Ausbau vun de Photovoltaik-Installatiounen
- Systematesch Klimakrittären an der Planung vun neie Gebaier a Projeten

**2. Krisen- a Katastropheschutz**

- Aktualiséierung vun den Noutfallpläng
- Verbesserung vum Alarméieren
- Formatioun vum Personal a vun de lokale Partner

**3. Ökosystemer a Biodiversitéit**

- Nohalteg an zukunftsfäeg Bëschbewirtschaftung
- Nei Blummewisen a Mardellen
- Schutz vun Aarten a Liewensraim
- Extensiv Bewirtschaftung vun de Gréngflächen

**4. Urban Raim**

- Klimafrëndlech Baunormen (Baustandard)
- Méi Gréngflächen, déi Schied spenden
- Reduktioun vun urbanen Hëtztinselen
- Fërderung vu Fouss- a Vëlosmobilitéit

**5. Hydrologesche System a Waasserwirtschaft**

- Moossname géint Erosiounen ((K) Erosiouns-Projet)
- Naturno Renaturéierung vun der Mamer
- Nei Retentiounszonen
- Optimiséierung vum Drénkwaasser-Management, inklusiv smarter Iwwerwaachung (LORAWAN)
- Hydrologesch Studien zu staarken Nidderschléi an Iwwerschwemmungen

## Moossnamen, déi kontrolléiert kënne ginn

D'Gemeng huet Key Performance Indicators (KPI) definéiert, déi d'Effizienz vun de Moossnamen iwwerwaachen:

- Installéiert Photovoltaikleistung pro Joer,
- Stand vum Ausbau vu Foussgänger- a Vëlosweeër,
- Prozentsaz vu Stroossen als Zone 30,
- Reduktioun vun Erosiounsschied a Verbesserung vum Waassermanagement,
- Drénkwaasserverbrauch pro Awunner,
- Zuel vu Sensibiliséierungsaktiounen,
- Betreiung vu vulnerabele Persounen am Summer.

Eng Joresberichterstattung an all dräi Joer e Bilan garantéieren Transparenz a Kontinuitéit.

## Kommunikatioun a Sensibiliséierung: e weidere Schlëssel fir d'Zertifizéierung

D'Zertifizéierung verlaangt eng aktiv a transparent Kommunikatioun. An der Gemeng Koplescht geschitt dat iwwert de KoBri Magazine, de KoBri Flash, de KoBri Inside, déi sozial Medien, d'Websäit vun der Gemeng, den Atelieren, Visitten, Konferenzen an Educatiounsprojete mat der Grondschoul.

Dëst ass essenziell: d'Klimaadaptatioun ka just geléngen, wann d'Populatioun involvéiert an informéiert ass.

## Conclusioun: Eng Zertifizéierung, déi schützt, strukturéiert a fir d'Zukunft stäerkt

D'Zertifizéierung „Upassung un de Klimawandel" ass e bedeitende Schrëtt fir Koplescht. Si beweist, datt d'Gemeng:

- eng wëssenschaftlech fundéiert Diagnos huet,
- konkret an ëmsetzbar Moossnamen definéiert huet,
- eng kloer Strategie besëtzt,
- op eng breet Zesummenaarbecht sëtzt,
- d'Bewunnbarkeet vun haut a muer séchert,
- an déi uewen genannte Moosnamen ëmsëtzt.

Koplescht positionéiert sech domat als virsiichteg, resilient an nohalteg Gemeng, déi déi aktuell a zukünfteg Erausfuerderunge vum Klima eescht hëlt a proaktiv ugeet – fir eis Natur ze schützen, fir sécher Infrastrukturen a fir eng héich Liewensqualitéit fir all Awunner.

# Ressourcë kënne cool sinn – ecofluent weist, wéi et geet

## E konkrete Schratt mat engem neie Ressourcëkonzept an der Schoul

D'Gemeng Koplescht mécht Neel mat Käpp. Mat enger klorer Visioun fir eng méi nohalteg Zukunft huet si an der Grondschoul eng nei Initiative gestart, fir Kanner, Léierpersonal an d'Familljen dobäi ze ënnerstëtzen, méi bewosst mat de Ressourcen aus dem Alldag ëmzegoen. D'Iddi hannendrun ass einfach: wa mir verstinn, wat mat eis Ressourcë geschitt, léiere mir se méi ze schätzen.

Fir dëse Projet ëmzesetzen, schafft d'Gemeng Koplescht mam Martine Bosch, Nohaltegkeetsexpertin a Grënnerin vun ecofluent, zesummen. ecofluent entwéckelt praktesch Konzepter, begleet Acteure bei hiren Ëmweltprojeten a mécht komplex Themen zougänglech a flott ze verstoen.

## Ressourcëkonzept: eng kloer a spilleresch Signaletik fir Alldagsressourcen

An enger éischter Etapp gouf eng Signaletik fir véier Offallfraktiounen entwéckelt:

- Pabeier
- Valorlux (recycléierbar Verpakungen)
- Bioofall
- Reschtoffall

All Klassesall krut nei Behälter: stabil Këschte fir Pabeier a Valorlux, e klenge Bio-Eemer an eng Dreckskëscht mat Deckel fir de Reschtoffall. Esou gëtt d'Sortéieren einfach, séier an intuitiv.



## Léieren duerch selwer maachen: interaktiv Atelieren

ecofluent bitt all Klass en interaktiven Atelier un. D'Martine Bosch erkläert dobäi d'Signaletik a weist mat konkrete Beispiller, wou wat hikënnt. D'Kanner kënnen üben, Froe stellen a léieren duerch eegen Initiativ d'Trennung vun de Ressource kennen. Och d'Léierpersonal kritt praktesch Hëllefsmëttel, fir d'Ëmweltbildung am Alldag ëmzesetzen.

## Iwwer d'Sortéieren zum Bewosstginn

De Projet geet méi wäit wéi nëmmen d'Sortéiere vun Offall. Et geet ëm Bewosstsinn. Soubal d'Kanner verstinn, wat a wéi eng Poubelle gehéiert, stelle si séier déi nächst Fro: Wéi kënne mir dësen Offall vermeiden? Dat féiert zu Gespréicher iwwer Konsumgewunnechten, Alternativen déi méi laang halen an d'Auswierkungen an eisem Alldag.

Laangfristeg ënnerstëtzt de Projet méi nohalteg Akafsentscheedungen an der Schoul an doheem. Kleng Ännerungen, déi eng ganz Communautéit matdréit, kënne vill beweegen.

## Eng Gemeng, déi zesumme virugeet

D'Initiativ weist, datt Ëmweltschutz konkret a gläichzäiteg einfach ka sinn. Mat gudder Kommunikatioun, prakteschen Tools an dem Engagement vun der ganzer Schoul gi positiv Ännerunge méiglech.

Koplescht sëtzt e Message fir eng nohalteg Zukunft – ugefaange bei de Jéngsten, déi dacks déi beschten Ambassadeuren doheem sinn.

**Zesumme maache mir Ressourcënotzung méi einfach, méi agreabel a méi nohalteg.**





# Wanterfidderung

Text a Fotoen: natur&ëmwelt a.s.b.l.



## Wëll Déieren am Wanter fidderen

Wann d'Temperature falen an de Schnéi oder Frascht d'Landschaft bedeckt, ass d'Versuchung grouss, de wëllen Déiere mat Fudder duerch déi kal Joreszäit ze hëllefen. Mee dat ass net ëmmer sënnvoll – an heiansdo esouguer verbueden. Wien hëllefe wëll, soll genau wëssen, wéi a wéini – an heiansdo heescht Hëllef och: net fidderen.

## Villercher am Gaart fidderen – wéi mécht een et richteg?

Zu Lëtzebuerg ass d'Fiddere vu wëlle Villercher ganz verbreet. Si kann hëllefräich sinn, fir eenheemesch Aarten an haarde Fraschtzäiten ënner d'Flilleken ze gräifen. Si däerf awer keen Ersatz fir natierlech Liewensraim sinn. Hei e puer wichteg Reegelen:

- **De richtege Moment:** Am beschte just bei Frascht an enger zouener Schnéidecke fidderen – da sinn d'Déiere wierklech op Hëllef ugewisen.
- **Dat richtegt Fudder:** Kärefriesser (z.B. Meesen, Spatzen) gäre Sonneblummekären oder Huewerflacken. Routbrëschtercher oder Märelen, hu léiwer Korinten, Uebst oder ongesalzten Huewerflacken. Brout ass net gëeegent!
- **Hygiène a Sécherheet:** D'Fudderhaisecher sollte reegelméisseg gebotzt ginn, fir Krankheetsverbreedung ze vermeiden. Am beschten si Silosystemer, wou d'Fudder dréche bleift.
- **Standuert:** Eng Plaz, déi wandgeséchert a sécher géint Kazen ass

– ideal an der Géigend vu Beem oder Straicher.

Mam richtege Fiddere kann ee Villercher am Wanter hëllefen an d’Natur aus vun no erliewen.

## A wéi ass et mat anere wëllen Déieren?

Bei Igelen, Kaweechelcher an aneren Déiere ass d’Situatioun anescht: Hei mécht d‘Fiddere méi Schued wéi dass si hëlleft. Dacks ass dat ugebuedent Fudder net ugepasst an d’Déieren verléieren hir natierlech Schei. Doriwwer eraus kënne si krank ginn. Nëmmen an Ausnamefäll – wann een ee verletzt oder krankt Déier fënnt – ass Hëllef ubruecht. An deem Fall soll een d’Fleegestatioun fir Wëlldéieren kontaktéieren: www.centredesoins.lu. D’Fachleit do wëssen, wéi eng Betreiung néideg ass.

## Wat kann ee maachen, wa Fidderen net erlaabt ass?

Wien wierklech eppes Guddes wëll maachen, soll de Liewensraum vun Déiere verbesseren – dat ganzt Joer iwwer:

- **Naturnoe Gaart:** Heemesch Straicher, Wëllblummen a Beem bidde Fudder a Schutz. Laf vun de Beem leie loossen, well dat perfekt Wanterplazen fir Igel an Insekte sinn.
- **Barrièrefräie Gaart:** Kleng Ouverturen am Zonk erlaben Déieren, sech fräi ze beweegen.
- **Keng Pestiziden:** Si zerstéieren net nëmme Schädlinge, mee och d’Narung fir vill aner Aarten. Et ass recommandéiert, komplett op Pestiziden ze verzichten. Méi Infoe fannt Dir ënnert: www.ounipestiziden.lu. Och indirekt kann een hëllefen: Wien regional Bio-Produkter keeft, ënnerstëtzt eng nohalteg Landwirtschaft, déi d’Natur schützt.

## Fazit:

Wëll Déiere brauche virun allem Rou a natierlech Liewensraim. Fiddere kann an eenzelne Fäll sënnvoll sinn, mee de beschte Schutz ass en naturnoe Gaart an eng ëmweltbewosst Liewensweis. Sou hu Märel, Igel & Co. och ouni Fuddereemer eng gutt Chance, de Wanter ze iwwerstoen.

natur&ëmwelt

### Kontakt

**natur&ëmwelt a.s.b.l.**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
secretariat@naturemwelt.lu
29 04 04 1
www.naturemwelt.lu

# En neit Doheem fir eis Duerfvillecher

Text a Fotoen: Sicona

Leeëndecker, Haus- a Stallschmuewel sinn typesch Aarte fir eis Dierfer a spillen eng wichteg ökologesch Roll. Wéinst der moderner Bauweis fanne si awer ëmmer manner geeegent Nistplazen, fir hir Näschter ze bauen an hiren Nowuess grousszezéien.

Am Optrag vun der Gemeng analyséiert SICONA, wou et scho besidelt Näschter ginn a wou nei Nistméiglechkeete kënne geschaf ginn, fir d'Kolonien nohalteg ze ënnerstëtzen.

No Ofsprooch mat der Gemeng ginn Nisthëllefen un ëffentlech oder privat Gebaier ubruecht, souwéi Schmueweltierm opgeriicht – wéi zum Beispill an der rue Camille Claudel um Briddel. Hei kënne Hausschmuewelen, Leeëndecker a Spatzen, déi all op der Rouder Lëscht stinn, hiert Nascht bauen.

Am direkten Ëmfeld suergt eng aarteräich Wiss als naturno Gréngfläch fir genuch Iessen. Pëtzer, Weieren a Fiichtbiotopen an der Géigend déngen als wichteg Waasserquell. E Lockruff-Apparat (TweetyBot) mécht eis Duerfvillecher op déi nei Plaz opmierksam, fir dass si sech do néierloossen.

Weider Informatioune heidriwwer, fannt Dir op sicona.lu.

D'Naturschutzsyndikat SICONA besteet aus 44 Membergemengen am Südwesten a Mëttelpunkt vu Lëtzebuerg. D'Zil vun SICONA ass et, d'heemesch Aarten- a Strukturvillfalt ze erhalen. Nieft Landschaftsfleegearbechten ass d'Nei- an d'Rekultivéierung vu naturnoe Liewensraim ee vun de wichtegste Schwéierpunkter vun der Aarbecht.

## Kontakt

**Naturschutzsyndikat SICONA**
12, rue de Capellen
L-8393 Olm


administration@sicona.lu(+352)
26 30 36 25







Koplescht Briddel




# Wie wäre es, wenn Sie mit der Installation einer Wärmepumpe Komfort und erneuerbare Energien vereinen?

Die Wärmepumpentechnologie ist moderne und energieeffiziente Heiztechnik: Sie gewinnt Energie aus Luft, Erde oder Wasser und wandelt sie in Wärme für Ihr Zuhause um. Dadurch lassen sich Heizkosten senken und $CO_2$-Emissionen nachhaltig reduzieren.



Oft kursieren Vorurteile: Wärmepumpen seien nur in Kombination mit einer Fußbodenheizung geeignet, ineffizient bei Kälte oder schlichtweg teuer. Die Realität sieht jedoch anders aus: Wärmepumpen arbeiten auch bei niedrigen Außentemperaturen zuverlässig, eignen sich auch für bestehende Gebäude, bieten einen hohen Komfort und benötigen wenig Wartung.

Attraktiv wird der Umstieg auch durch finanzielle Vorteile, dank der staatlichen und kommunalen Beihilfen sowie der Zuschüsse der Energieversorger.

Für den Einstieg lohnt sich die **kostenlose und unabhängige Grundberatung** von Klima-Agence. Zusätzlich stehen praktische Tools zur Verfügung:

- Die **Checkliste „Wärmepumpen in Wohngebäuden“** für Privatpersonen fasst übersichtlich alle wichtigen Punkte von Planung bis Betrieb zusammen und hilft dabei, das Projekt gut vorzubereiten und erfolgreich umzusetzen: klima-agence.lu/de/installation-waermepumpe
- Mit dem **Beihilfensimulator** können Sie die verfügbaren Förderbeträge (staatliche Klimabonus-Beihilfen, kommunale Förderungen oder Zuschüsse der Energieversorger) simulieren: beihilfen.klima-agence.lu

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# Bëschaarbechten am Wanter

Text a Fotoen: ANF



## Eise Bësch am Wandel – Sécherheet a Nohaltegkeet am Mëttelpunkt

Mat Ufank vun der kaler Joreszäit hëlt och d'Aktivitéit an eisem Gemengebësch zou. Vill Aarbechten, déi elo duerchgefouert ginn, déngen net nëmmen der Sécherheet vun alle Visiteuren, mee och dem laangfristege Schutz an der nohalteger Bewirtschaftung vun eise Bëscher.

## Sécherheet fir Spadséiergänger an Awunner

Laanscht d'Weeër, Stroossen a Wunnhaiser gi Beem gefält, déi eng potenziell Gefor duerstellen zum Beispill well se krank sinn oder bei Stuerm einfach kéinten ëmfalen. D'Holz gëtt dono sënnvoll genotzt: als Wäertholz (z.B. fir d'Miwwelproduktioun), als Brennholz oder fir d'Schräinerei vun der Gemeng.





## Upassung un de Klimawandel

Besonnesch betraff vum Klimawandel sinn d'Fichten. Si ginn net gutt mat de méi héijen Temperaturen eens a si sinn ufälleg fir de Borkenkäfer. Ofstierwend Fichte ginn erausgeholl an duerch méi resistent Bamaarten ersat. Esou planze mir ënner anerem méi Kiischtebeem, Lannen oder Käschtebeem. Dës Villfalt stäerkt de Bësch a mécht e méi robust géintiwwer den Erausfuerderunge vun der Zukunft.

## Liewensraum fir Déieren

Net nëmmen d'Beem, mee och vill Déierenaarte profitéiere vun de Moossnamen. Nei Fiichtbiotoper wéi „Bëschmardelle" souwéi d'Fleeg vu geschützte Fläche schafe wichteg Raim fir sech zeréckzezéie fir Villercher, Insekten an aner Bëschbewunner. Doduerch droe mir zum Erhalt vun der Biodiversitéit bäi.

## Gutt gefleegte Weeër

Fir dass Spadséiergäng am Bësch och weiderhin Freed maachen, ginn d'Weeër reegelméisseg ënnerhalen oder nei ugeluecht. Sou bleift de Bësch fir jidderee gutt accessibel – egal op fir e kuerze Spadséiergang, sportlech Aktivitéiten oder einfach fir ze entspanen.

## Eist Zil

All Aarbecht am Gemengebësch huet ee kloert Zil: d'Natur ze schützen, de Bësch nohalteg ze notzen an d'Sécherheet fir d'Visiteuren ze garantéieren. Esou bleift de Bësch wirtschaftlech notzbar, en Erhuelungsraum fir d'Mënschen an zur selwechter Zäit e wäertvolle Liewensraum fir d'Déier- a Planzewelt.





## Kontakt

Bei Froen zu dësem Thema kënnt Dir Iech gäre per Mail un de Fierschter Daniel Steichen wenden:

daniel.steichen@anf.etat.lu

# Presentatioun Aikido Koplescht-Briddel

Fotoen: Aikido Koplescht-Briddel



Aikido Kopstal-Bridel

## Säit wéini gëtt et den Aïkido an eiser Gemeng?

Ons Associatioun ass de 6. Oktober 1989 zu Koplescht gegrënnt ginn als ASBL. Mir hunn also elo 36 Joer. Am Ufank waren ons Couren am Centre Wirtspesch. Den 18. Juni 2020 si mir an déi nei Sportshal um Briddel Sall 3 komm. Do ass och onse siège social.

## U wie riicht sech Äre Veräin?

Mir huele Kanner un ab 6 Joer. Mir hu Coure fir Kanner vu 6-8 Joer, vun 9-11 Joer an och gemëschte Gruppen. Déi Jugendlech (12-18 Joer) mat den Erwuessenen zesummen an engem Cours. Meedercher a Frae sinn am selwechte Cours wéi Bouwen a Männer. Et gëtt keng Alterslimitt no uewen.

## Wéi oft ginn d'Trainingen ofgehalen a ginn och mol Tournoien organiséiert?

Mir halen 4 mol d'Woch ons Couren:

| pose tatami | **lundi** 16h45 | **mardi** 16h | **mercredi** 17h50 | **jeudi** 18h50 |
|---|---|---|---|---|
| **enfants:** (âgés de 6 ans à 11 ans) débutants 6-8 ans avancés et 9-11 ans débutants et avancés | 17h00-17h40 17h50-18h25 | 16h15-16h55 16h15-17h15 | 18h05-18h50 | |
| **adolescents:** (âgés de 12 ans à 17 ans) | 18h30-19h30 | | 19h00-20h00 | 18h45-20h00 |
| **adultes/étudiants:** sous réserve open mat | 18h30-19h30 19h30-20h00 | | 19h00-20h00 20h00-20h30 | 18h45-20h00 20h00-20h30 |

Méindes Owes 19h30-20h00 an Donneschdes Owes 20h00-20h30 gëtt et nach en „open mat", d.h. do ginn haaptsächlech mat Waffen (Bokken = holzent Schwäert, Jo = laange Bengel) geüübt oder soss Techniken, jee no Wonsch vun de Leit.

Mir organiséiere keng Tournoien, mee international Stagen. An der Zäit hate mir d'Chance fir Stagë mat de japanesche Meeschtere N. TAMURA 8. Dan Aikikai Shihan, Responsabel fir Europa an och de Y. YAMADA 8. Dan Aikikai Shihan z'organiséieren. Elo invitéiere mer reegelméisseg eemol am Joer op e Stage mam Claude Berthiaume 8. Dan Aikikai Shihan vu Montreal am Kanada, Member vun der technescher Kommissioun vun der US Aïkido Federation. Hien hält dann een normale Cours vun onsem Club an 2 Stagen.

## Wat fir aner Aktivitéiten organiséiert dir?

Ons Membere ginn op international Stagen (Weekend oder méi laang) sief et hei am Land oder am Ausland. Fir d'Kanner organiséiere mir, dass si pro Joer progresséieren an eng nei faarweg Ceinture kréien a mir ginn hinnen eng Kleeschers Tiitchen. Si léiere Respekt virun deenen aneren awer och hir Energien ze entwéckelen. Op Disziplin gëtt vill Wäert geluecht. Et wier gutt wann d'Kanner a Jugendlech net nëmmen ee Joer kommen, mee wa se mei laang dobäi bleiwen an och eventuell eng schwaarz Ceinture maache kënnen (ab 15 Joer).

## Wéi beschreift de Club seng Philosophie oder säi Stil vum Aikido?

Mir wenden e klasseschen Aikido esou wéi et an onse Statute virgesinn ass un: « L'association a pour but l'exercice et la propagation de l'Aïkido, art martial développé par le Maître Morihei Ueshiba et propagé par l'Aikikai Foundation (Aikido World Headquarters - The Hombu). Les membres de l'Association s'engagent à pratiquer l'Aïkido dans l'esprit du fondateur, qui exclut toute forme de compétition sportive. » Am Aikido léiert ee säi Kierper, seng Stabilitéit, Selbstvertrauen a seng Ootmung kennen.

Ganz vill Wäert gëtt op dat harmonescht geluecht, en Ugréff gëtt laanscht gelooss a weidergeleet an dono immobiliséiert. Mir leeë ganz vill Wäert op propper a perfekt Technike mat vill Energie. All ons schwaarz Ceinturen hunn en Aikikai Grade an ons Moniteuren hunn och e Certificat als instructeur Fukushidoin (ab 2. Dan) oder Shidoin (ab 4. Dan).

Geleet gëtt dat ganzt vum Haaptmoniteur Shihan J.J. (Jisch) Scheuren ceinture noire 7. Dan Aikikai.

## Wéi gesitt dir d'Roll vum Aikido an der Gesellschaft oder fir jonk Leit?

**Aï (合)**: bedeit Vereenegung, Harmonie, Ofstëmmung.

**Ki (気):** bezeechent d'Energie, déi bannenzeg Kraaft, de liewegen Otem.

**Do (道)**: steet fir de Wee, d'Method, d'Studie, d'Fuerschung.

De kanji Aï steet fir all Mënschen ënnert engem Daach. Doduerch dat am Aikido meeschtens zu zwee Übunge gemaach ginn, muss ee mat deem eens ginn. Dat heescht et léiert ee mat villen Leit eens ze gi fir d'Übungen ze maachen. De Fondateur vum Aïkido O'Sensei Morihei Ueshiba sot *« L'Aïkido est le principe même de la non-résistance. »*

## Wéi vill Memberen zielt Dir a wéi kann ee bei Iech Member ginn?

Am Joer 2024 hate mer 93 Memberen dovunner 66 manner wéi 18 Joer.

Et kann een einfach laanscht kommen an nokucken op de Gradinen oder ënnen an der Hal 3. Et kann een och direkt emol probéieren an e Cours matmaachen a kukken op et engem gefält. Den Umeldungsformulaire fënnt een op onsem Internet Site: http://www.aikikailuxembourg.lu/member.html

Et kann een zu all Moment am Joer probéiere kommen an och ufänken.



# Joresbericht Motoclub Kopstal

Text a Fotoen: Moto Club MX Kopstal



## Sportsaison vum Moto Club MX Kopstal

De Moto Club Kopstal-Bridel zielt aktuell 77 Motocross-Piloten, 2 Superbike-Piloten, 15 treie Member-Donateuren a 4 Memberen am Comité.

An de leschte Joren huet de Club net nëmme seng deeglech Aktivitéiten nei organiséiert, mee och eng modern an technologesch orientéiert Approche entwéckelt, fir jonk Leit un eng nei Aart a Weis erun ze féieren, dëse Sport ze bedreiwen.

Dëst erméiglecht et eis, nei Talenter an de verschiddenen Disziplinë vun eisem Sport ervirzehiewen. Eist Zil ass et, d'Jugend fir d'Welt vun der Elektrizitéit ze sensibiliséieren, si z'informéieren an hinne gratis Formatiounen unzebidden.

Mir wëllen och eise fréiere Membere Merci soen, déi duerch hir Aarbecht et jonke Pilote méiglech gemaach hunn, un nationale wéi och internationale Championnater deelzehuelen. Ouni d'Ënnerstëtzung vun eisen treie Partneren an dat staarkt Engagement vum ganzen Team wieren dës Erfolleger net méiglech gewiescht.

Dës Saison hunn eis Piloten nees eng aussergewéinlech Joresleeschtung gewisen.

## Superbikes – Weltmeeschterschaft EWC

FIM Endurance Weltmeeschterschaft ESBK 1000 cc: De Chris Leesch (30 Joer) huet déi 2. Plaz an der Kategorie Superstock gewonnen, ënner dem franséischen Team Kaedear-Dafy-Rac41-Honda.

Franséischt Championnat SBK 1000 cc: De Ludovic Cauchi (20 Joer) huet d'Saison op der 6. Plaz (Challenger-Kategorie ënner 21 Joer) ofgeschloss, mam Juniors Team Le Mans Suzuki, an huet och déi 12. Plaz an der 1000cc Weltmeeschterschaft Endurance erreecht.





## National a International MX Championnater

- Jamie Heinen (21 Joer) – Kategorie Elite MX2: 2. Plaz am MUL Championnat a 17. Plaz am Schwäizer Elite Championnat.
- Noemi Gaul – Championne du Luxembourg, Kategorie Dammen MX2
- Joe Stark – 3. Plaz am Lëtzebuerger Championnat, Kategorie Elite MX1

## Eis jonk Talenter

- Kenny Mapelle (10 Joer) – Kategorie 50cc, Lëtzebuerger Champion
- Ricky Cotterchio (11 Joer) – Kategorie 65cc, Lëtzebuerger Champion an 3. Plaz am däitschen DAMCV Championnat
- Tim Noel (12 Joer) – Kategorie 85cc, Lëtzebuerger Champion a 5. Plaz am ADAC Südwest (Däitschland)









- Yonah Casoli (14 Joer) – Kategorie 85cc, Vize-Champion vum Lëtzebuerger Championnat a Vize-Champion am däitschen DAMCV Championnat
- Georges Sven, en talentéierte Clubmember, huet leider seng Saison am belgen Championnat (Provënz Lëtzebuerg) missen ënnerbriechen. Hie wäert awer 2026 zréck op d'Maschinn klammen, an zwar an der Kategorie 85cc.

# AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Ausfluch op Maastricht

Text a Fotoen: Koplescht fréier & hott

D'Veräiner Kulturasbl a Koplescht – fréier & hott hunn a Kooperatioun mat der Mamer Geschicht a.s.b.l. de 7. November en Ausfluch mam Bus op Maastricht, déi zweetgréisst Kulturstad vun Holland, organiséiert. Um Programm stoung moies e geféierten Tour duerch de Stadzentrum an nomëttes konnt een tëscht enger Visite vum Konschtmusée Bonnefanten oder de Grotten Noord wielen.

Vill vun eis hunn déi flott Stad un der Maas schonn als Shopping-Zil oder Erhuelungsstopp op der Duerchrees besicht. Wärend dem Stadtrondgang hu mir interessant Fakten aus der Geschicht vu Maastricht héieren — enger Stad mat ville Kierchen an nach vill méi Caféen. Maastricht läit haut um Dräilännereck a war ëmmer vu villfältege kulturellen Aflëss gepräägt. Schonn am Mëttelalter hat d'Stad zwéin Hären: den Herzog vu Brabant an de Bëschof vu Léck. Well een sech net op een eenzege Buergermeeschter konnt eenegen, hat Maastricht eng ganz speziell politesch Geschicht. Als wichteg Handelsstad tëscht Flandern a Köln, a wéinst hirer Lag un enger grousser Waasserstrooss, gouf Maastricht dacks belagert, ënner anerem e puermol vu franséischen Truppen. D'Festung gouf ëmmer erëm ausgebaut, an et goufen dräi Rankmaueren opgeriicht.

Well zu Maastricht laang Reliounsfridden bestanen huet, gouf et eng grouss Zuel u Kierchen – meeschtens eng protestantesch an eng kathoulesch pro Quartier. Hautdesdaags ginn e puer vun dëse Gebaier net méi fir reliéis Zwecker benotzt: eng Kierch gouf an en Hotel ëmgebaut, eng aner an e Bicherbuttik, dee laut enger Online-Ëmfro als „schéinste Bicherbuttik vun der Welt" gëllt. Mir hunn och geléiert, dass de Karl Marx heiansdo zu Maastricht op Besuch war, wou seng Schwëster mat engem räiche Mann bestuet war, an dass d'Famill vum Museker André Rieu och aus Maastricht kënnt.

Duerch dës kulturell Villfalt ass et net verwonnerlech, datt de Bonnefanten-Musée Konscht aus verschiddene Joerhonnerten an aus verschiddene Kulture weist, dorënner och eng grouss Sammlung vu moderner Konscht. Den Numm vum Musée kënnt vum fréiere Gebai – dem „Couvent des bons enfants". Déi Leit, déi d'Grotte besicht hunn, hunn ënnerierdesch eng Steebroch-Welt entdeckt, mat villen Anekdoten iwwert d'Minensystemer vu Maastricht.

Déi uewe genannte Veräiner organiséieren all Hierscht (Enn Oktober/Ufank November) en Ausfluch an eng kulturell a geschichtlech interessant Stad. Mir ware schonn zu Tréier, Metz a Saarbrécken. Wien näischt verpasse wëll, ka Member bei Koplescht – fréier & hott ginn. Fir 25 € d'Joer kritt een zweemol am Joer eng illustréiert Broschür mat Geschichten an Erzielungen aus eiser Gemeng an der Regioun – vu fréier an haut.

Koplescht fréier & hott

KULTUR ASBL
ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF

**Kontakt**

contact@koplescht-bridel.lu
www.koplescht-bridel.lu




literature







# AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen – Oktober bis November 2025

## Welcome Lunch – 05.10.2025

Sonndeg, de 5. Oktober, hat d'Gemeng Koplescht d'Freed, hir nei Awunner an Awunnerinnen am Kader vum mëttlerweil traditionelle „Welcome Lunch" ze begréissen – e järlechen Rendez-vous, deen am Zeeche vun Zesummekommen a Gesellegkeet steet.

D'Veranstaltung huet am Kulturhaus zu Koplescht stattfonnt a bal 80 Leit (Gäscht a Mat-Organisateuren) vun allen Alteren a ronn zwanzeg Nationalitéiten an enger flotter Ambiance zesummebruecht.

Organiséiert vun der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen (CCVEI), mat Ënnerstëtzung vun der Gemeng, gouf de Projet iwwer Méint virbereet. No e puer Wierder vum President vun der CCVEI, deen d'Aufgaben an d'Projete vun der Kommissioun am Joer 2025 virgestallt huet, konnten d'Participanten an entspaanter Atmosphär e gemeinsame Plat genéissen.

D'Foodtrucks, déi op der Plaz waren, hunn eng grouss Auswiel u Gedrénks a Platen ugebueden – Fingerfood fir den Aperitif, Burger a Fritten, Pasta oder Zaloten – duerno Desserten a Kaffi. Fir déi Kleng gouf et e Kannereck, speziell ageriicht mat ville Spiller an Aktivitéiten.

Dëse schéinen Dag huet dozou bäigedroen, nei a méi laang hei wunnend Awunner zesummen ze bréngen an d'Zesummeliewe weider ze stäerken – Wäerter, déi eis Gemeng esou räich maachen.

Fotoen & Text: D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen & Logo

Seiten 34 - 37

## Meet & Vide grenier – 18.10.2025

Den 18. Oktober ass déi zweet Editioun vum Meet & Vide an der aler Sportshal organiséiert ginn. Um Floumaart konnt een eng 25 Stänn fannen déi ganz vill unzebidden haten: vu Bicher bis Kleeder, iwwer Spillsaachen an Dekoratiounsartikelen. Hei war fir jiddereen eppes dobäi. Desweidere gouf een Upcycling-Workshop fir Grouss a Kleng ugebuede souwéi Gedrénks an Iesse vum Jugendhaus a vum Badminton Club. Nei war dëst Joer ee Repair Café, wou d'Visiteure konnte futtis kleng elektronesch Géigestänn a Kleeder reparéiere loossen.

Fotoen & Text: Max Staus

Seiten 38 - 40

## Grondsteenleeung Hall Technique – 29.10.2025

Mat der Präsenz vum Schäffen- a Gemengerot, souwéi de Representante vun de jeeweilege Corps de métiers an dem Gemengepersonal gouf den 29. Oktober de Grondsteen vum neien Hall Technique fir d'Gemeng Koplescht geluecht. Dëst Gebai soll a ronn 2 Joer fäerdeggestallt ginn. Eng Zäitkapsel mat ënner anerem enger Dageszeitung, Fotoen an de Pläng vum Bau, goufe symbolesch vergruewen.

Seiten 41 - 42

## Dag vum Bam – 19.11.2025

Den Dag vum Bam gouf 1992 vun der Fondatioun Hëllef fir d'Natur mat der Ënnerstëtzung vu Memberassociatiounen initiéiert. En ass all Joer de Start vun enger wichteger Sensibilisatiounscampagne. D'Zil ass et, ëffentlech a privat Administratiounen esou wéi d'Bierger ze encouragéieren, regional Beem ze planzen an eenheemesch Beem a Straicher fir d'Wuelbefanne vun der Fauna a Flora a vum Mënsch ze schützen.
An dësem Kontext huet de Schäfferot mëttwochs, den 19. November, d'Schëpp an de Grapp geholl an ee Bam, eng Lann, an der Rue du Tilleul geplanzt.

Seite 43

## Welcome Lunch
## 05.10.2025






















Happy
Vibes












WELCOME










LëtzeBurger



**Meet & Vide grenier**
**18.10.2025**






















## Grondsteenleeung Hall Technique – 29.10.2025















## Dag vum Bam
## 19.11.2025












# EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



Albino Riega, producteur et membre de la coopérative NorAndino, travaille dans sa plantation de cacao à Quemazon, au Pérou ©Fairpicture

## THE POWER OF THE MANY !

À l'approche des fêtes de fin d'année, le chocolat sous toutes ses formes s'invite toujours à nos tables et dans nos cadeaux. A nous de rendre justice à celles et ceux qui font naître notre gourmandise préférée.

**Mission n° 1 : je me décide**
Si j'offre du chocolat, alors issu du commerce équitable il sera ! Plus nous serons nombreux à choisir le chocolat Fairtrade, plus notre impact sur la vie des producteurs et travailleurs du cacao sera grand. Du carré du soir à la boîte de chocolats offerte à nos proches, chaque bouchée compte.

**Mission n° 2 : je passe à l'action**
Facile ! Aujourd'hui, les douceurs Fairtrade sont partout. Et si mon magasin n'en propose pas, je lui en demande. *The future is fair* - dès maintenant avec nos cadeaux et dans nos caddies.

**Mission n° 3 : je transforme**
Chaque achat responsable change des vies et contribue à démocratiser un modèle économique basé sur le respect. En choisissant des produits Fairtrade, je soutiens des prix justes, des conditions de travail dignes et un avenir durable pour les producteurs et travailleurs.

## SOYONS TOUS SOLIDAIRES

Les défis et risques de la filière cacao sont nombreux : travail forcé des enfants, absence d'un revenu vital, violations des droits humains et environnementaux, discrimination des genres, déforestation, dérèglement climatique ou encore crise inflationniste, les producteurs et productrices de cacao ont besoin de notre solidarité et de notre soutien. **Pour les jours des fête et toute l'année, restons unis avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.**



# Praktesch Informatiounen

## BIERGERZENTER
**1-3 rue Nicolas Goedert**
**L-8133 Bridel**

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
7h30-12h00 an 13h00-16h00

RÉCEPTION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

BUREAU DE LA POPULATION
27 3 27 - 222
population@kopstal.lu

SERVICE ENSEIGNEMENT
27 3 27 - 203
population@kopstal.lu

SERVICE DE MÉDIATION
mediation@kopstal.lu

## CONCIERGERIE COMMUNALE
**76, rue de Luxembourg**
**L-8189 Kopstal**
27 3 27 - 327
conciergerie@kopstal.lu

**Ëffnungszäiten:**
méindes bis freides vun
13h00-19h00

## MAIRIE
**28, rue de Saeul**
**L-8189 Kopstal**

SECRÉTARIAT COMMUNAL
27 3 27 - 305
secretariat@kopstal.lu

RECETTE COMMUNALE
27 3 27 - 401
recette@kopstal.lu

COMPTABILITÉ COMMUNALE
ET RESSOURCES HUMAINES
27 3 27 - 303 | - 304
facturation@kopstal.lu

COMMUNICATION
ET RELATIONS PUBLIQUES
27 3 27 - 302 | - 306 | - 307
communication@kopstal.lu

## SERVICE TECHNIQUE
**22, rue de Luxembourg**
**L-8184 Kopstal**

SERVICE TECHNIQUE
27 3 27 - 501 | - 502 | - 503
servicetechnique@kopstal.lu

SERVICE URBANISME
27 3 27 - 507 | - 508
urbanisme@kopstal.lu

SERVICE DES EAUX
661 402 328 ou 661 402 329
eau@kopstal.lu

SERVICE RÉGIE
27 3 27 - 504 | - 505
servicetechnique@kopstal.lu

## AUTRES CONTACTS

CIS KOPSTAL
49771 - 3450
ciskop-cadre@cgdis.lu

PERMANENCE SOCIALE
Ines Figueiredo
26 11 37-31 | 621 267 162
ines.figueiredo@oscmamer.lu

CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL
26 10 35 19
kopstal@ciglkopstal.lu

KOBRIBUS (Service Ruffbus)
27 327 - 333

ÉCOLE FONDAMENTALE BRIDEL
27 3 27 - 203 (service scolaire)
comite@kopstalschoulen.lu
24, rue de l'école
L-8128 Bridel

MAISON RELAIS BRIDEL
27 3 27 - 812
mre@kopstalschoulen.lu
www.maisonrelais-bridel.lu
4, rue François-Christian Gerden
L-8132 Bridel

PRÉPOSÉ DE LA NATURE
ET DES FORÊTS
Daniel Steichen
621 202 116
daniel.steichen@anf.etat.lu

Koplescht Briddel
Klima-Bündnis Lëtzebuerg
Mir sinn eng Fairtrade Gemeng
Pakt vum Zesummeliewen
NaturPakt
KlimaPakt
PacteLogement



Administration communale de Kopstal
28, Rue de Saeul
L-8189 Kopstal
**www.kopstal.lu**
CommunedeKopstal communedekopstal